



goufen duun Amendementer ausgeschafft. De Statsrot huet säin Avis complémentaire de 6. Oktober ginn. D'Kommissioun huet sech mat dësem Avis den 29. Oktober vun dësem Joer auserneegesat an huet duun de Rapport zu dësem Projet de loi unanime ugeholl.

Här President, d'Œuvres orphelines sinn artistesch Wierker, Konschtwierker, wou den Titulaire vun den Droit-d'auteurs oder den Droits voisins net méi ze fannen oder ze déterminéieren, also feststellen ass. Et stellt sech dann natierlech d'Fro vun de Lizenzen, ob a wéini een dës Wierker ka benotzen.

Dëse Projet de loi huet also als Objet, ee gewëssene Vide juridique ze combléieren, an definéiert, ënner welleche Konditiounen d'Œuvres orphelines kënnen ëffentlech benotzt ginn.

De Projet de loi ass an direkter Relatioun mam modifizéierte Gesetz vum 18. Abrëll 2001 iwwert d'Droit-d'auteurs, d'Droits voisins an d'Bases de données ze gesinn. An dësem Gesetz ginn d'Konditiounen festgeluecht, wéi ee Wierker ka gebrauchen, wéi ee se ka reproduzéieren an ënner wéi engen Oplage se dem Public zougänglech gemaach kënnen ginn.

D'Averständnis vun de rechtlechen Titulaire vum den Droit-d'auteurs ass obligatoresch a muss respektéiert ginn. Bei den Œuvres orphelines kann dës Averständnis awer net gefrot ginn, well ee jo net weess, wien den Auteur oder den Titulaire vun den Droit-d'auteurs ass.

D'Ëmsetze vun dësem Projet de loi ass zréckzeféieren op eng EU-Direktiv 2012/28, déi eben de Gebrauch vun dësen Œuvres orphelines regelt. D'Notze vun den Œuvres orphelines ënnerläit awer verschiddenen Obligationen, déi am Aklang vun eben dëser genannter EU-Direktiv an eben an dësem Projet de loi musse sinn. Jiddwereen, deen dës Wierker, wou den Origine oder den Auteur net determinéiert oder ze fannen ass, notze wëllt, zum Beispill Archiven, Bibliothéiken, muss virdrun eng seriö Recherche maachen. Dës Recherche muss un den Titulaire goen, deen een Usproch op d'Droit-d'auteurs oder d'Droits voisins zegutt hätt.

D'Resultat vun dëser Recherche muss der nationaler Autoritéit, déi fir d'Propriété intellectuelle zoustänneg ass, iwwermëttelt ginn. Fir Lëtzebuerg ass dat den Office de la propriété intellectuelle. Den Office de la propriété intellectuelle gëtt dës Informatiounen weider un den Office de l'harmonisation dans le marché intérieur, den OHMI, mat Sätz zu Alicante a Spuenien. Mat dëser Prozedur gëtt dann och ee Registre vun den Œuvres orphelines opgestallt, op deen all Interessente dann natierlech kënnen zréckgräifen.

Interessant an dësem Kontext ass och ze bemerken, datt, wann eng Recherche erginn huet, datt keen Titulaire vun den Droit-d'auteurs fonnt ginn ass, op eemol awer sech esou een Titulaire géif mellen, da gesäit d'Direktiv vir, an eben och dëse Projet de loi, fir en Enn un de Statut vun der Œuvre orpheline ze setzen, dëst am Intérêt natierlech vum Titulaire, deen e Recht op d'Droit-d'auteurs huet. Den Titulaire huet dann Usproch op seng gerecht Entscheedung fir de Gebrauch vu sengem Wierk a brauch dann net méi juristesche Virzegoen, fir Dommages et intérêts ze kréien.

Här President, de Statsrot hat ënner anerem eng Opposition formelle a sengem Avis ausgeschwat, déi sech op eng Lëscht vun Organismen, op een Opziele vun Organismen, déi vun dësem Projet de loi Notznëisser wieren, bezunn huet. D'EU-Direktiv huet awer dat net virgesinn, datt eischten all Land dat kéint maachen, esou eng Lëscht ze presentéieren, an d'Wirtschaftskommissioun huet sech duun och dem Avis vum Statsrot ugeschloss.

Eng Remarque nach zum Délai vun der Transmissioun vun der EU-Direktiv an déi national Legislatioun. Den Délai vun der Transposition war den 29. Oktober 2014. Vu datt mer zu Lëtzebuerg nëmme ganz wéineg Jurisprudenzen an der Matière vun der Propriété intellectuelle hunn, wollt de Ministère kucken, wat haapt-sächlech eis Nopeschlänner, notamment Frankräich an d'Belsch, géife maachen, wéi si dës Direktiv an hiert nationaalt Recht géifen ëmsetzen. Schlussendlech huet de Ministère sech duun awer un eng direkt Transposition vum Text vun der EU-Direktiv gehalen, ouni d'Ëmsetze vun dëser Direktiv an eisen Nopeschlänner ofzewarden, dëst natierlech, fir net nach méi a Versuch ze geroden.

Zum Schluss wëll ech nach soen, datt dëse Projet de loi den Utilisateur vun den Œuvres orphelines Rechtssécherheet fir d'Publikatiounen, déi an der Realitéit ëmmer méi am Internet gemaach ginn, gëtt. Fotoe si vun dësem Projet de loi ausgeschloss, well déi informatesch Logicielen nach net esou wäit sinn, fir eng direkt informatesch Identifikatioun vun de Fotoe kënnen ze maachen.

Fir weider Explikatiounen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Félix Eischen.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëll just dem Rapporteur Claude Haagen villmools Merci soe fir en detailléierte Rapport zu engem Text, deen am Inhalt ganz technesch ass, vollgepaakt mat interessanten Detailer zu engem Sujet, dat muss ee soen, dee vläicht net esou ganz „grand public“ ass, gell, mä et ass awer gutt, dass mer dat do gemaach hunn. An ech ginn deemno dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Eischen. Dann huet d'Wuert den Här Bauler.

► **M. André Bauler (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, d'Melodie vun der lechternacher Sprangpréssessioun berout op engem ale Vollekslied: „Adam hatte sieben Söhne.“ Op deem Text gëtt et verschidde Melodien, ma den Auteur ass bis haut kengem Mënsch bekannt.

Wat hu Lidder aus der europäescher Museks-geschicht wéi „Kein schöner Land“ oder „O Heiland reiß die Himmel auf“ oder och nach eng traditionell Melodie aus England wéi déi iwwer ee versoffene Matrous „The drunken sailor“ matenee gemeinsam? Ma dat ass ganz einfach d'Tatsaach, datt si zwar schéin arrangéiert, dräi- oder véierstëmmeg gesat goufen, mä datt awer kee weess, wien dës Weise fir d'Eischt an de Kapp koumen, wie se also fir d'Eischt zu Blat bruecht huet oder, fir et an de Wierder vum Gesetzesprojet ze soen, wien den Titulaire vun der Rechter ass.

Här President, ëmmer erëm gëtt et, fir nëmmen déi ze nennen, musikalesch Kreatiounen, deenen hiren Auteur bis ewell net detektiert konnt ginn. Dëst alles sinn, wéi scho gesot, Œuvres orphelines, also Wierker, vun deenen net gewosst ass, wien hire geeschtege Papp oder Mamm ass.

An d'Museks-geschicht ass nawell wierklech gutt gefëllt mat esou Kompositiounen, wou keen den Erschafer vun der Melodie kennt. Déi populärst hei zu Lëtzebuerg ass wuel den Hämelmarsch, eng Melodie, där hiren Auteur bis op den Dag net fonnt gouf an déi am Lëtzebuerger Vollek vu Generatioun zu Generatioun weidergereicht ginn ass.

Dee jonke Lëtzebuerger Organist Jos Majerus huet mech elo dëse Summer op interessant arrangéiert Chouerwierker aus aller Häre Länner opmierksam gemaach, wou zwar den Auteur vum Text sécher ass, ma wou awer kee weess, wien de Komponist ass. Dacks ass et esou, datt den Arrangeur ugin ass. Dat si populär oder traditionell, sakral oder einfach Vollekslieder, déi, vu hiren Alter, meeschtens schonn am Domaine public sinn.

En anert treffend Beispill ass iwwregens dat allsäits bekannt Chrëschtlied „Es ist ein Ros entsprungen“, wou d'Originn vun der uraler Melodie och net bekannt ass. Just dee wirkungs-volle véierstëmmeg Saz vum Praetorius dierft Eenzelne vun lech geleeft sinn.

Iwwregens sinn och déi aacht kleng Präludien a Fugen, Bach-Werke-Verzeichnis 553 bis 560, anscheinend héchstwahrscheinlech net vum Johann Sebastian Bach. Si ginn dem Bach bis haut zwar offiziell zougeschriwwen, mä de wierklechen Auteur ass kengem bekannt. Verschidde Musekswëssenschaftler huelen allgemeng un, datt dës Uergelwierker dem Johann Ludwig Krebs kéinten zougeschriwwen ginn.

Datselwecht iwwregens gëllt fir de Gassenhauer aus dem Ufank vum 17. Jorhonnert, de Ballo del Granduca, deen dem Jan Pieterszoon Sweelinck zougeschriwwen gëtt a gouf, mä wahrscheinlech awer vun engem Schüler vun dësem ass, dem Samuel Scheidt.

Et gëtt also och Fäll, wou den Auteur ëmstridden ass an een also net sécher weess, wien dann elo tatsächlech d'Mamm oder de Papp vun deem Wierk ass. Souwäit also zu deem reng Historeschen, mä dat muss och emol heiansdo sinn, well et eiser Culture générale guttdeet!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. André Bauler (DP).** - D'Museks-geschicht ass op jidde Fall gutt gefëllt mat esou Beispiller. An, wa Wierker, ob Melodien, Theaterstücke, Gedichter, Prosatexte oder Filmer, net an den Domaine public falen, dann ass et nëmme richtig an noutwendeg, hei eng Recherche diligente duerchzeféieren, fir soumat

sécherstellen, datt ee kengem Auteur seng Rechter oder d'Rechter vu sengen Ierwen ignoriert oder a Fro stellt.

Här President, Autorechter ze schützen ass e wichteg Uleies, besonnesch an Zäiten, wou een duerch en einfache Klick um Internet e Wierk kopéieren, deelen oder selwer benotze kann, ouni sech ëm d'Droits d'auteur ze këmmen. Ech fannen et dofir richtig, dass d'Europäesch Unioun d'Schafe vun engem gemeinsamen digitalen EU-Bannemaart mat engem passende Schutz vum geeschtegen Eigentum als prioritär ugesäit.

An deem Kader ass d'Ëmsetze vun dëser Direktiv wichteg, fir engem Problem aus dem Wee ze goen. D'Legislatioun iwwert d'Autorechter seet nämlech, datt een nëmmen e Wierk ka benotzen, wann een den Accord vun deem kritt, deen d'Rechter drop huet. Weess een awer elo net, wien de Besëtzer vun dëse Rechter ass, ass et jo logescherweis net méiglech, säin Accord ze kréien. An ouni Accord keng Diffusioun! Well, wéi ech virdrun och schonn duerch meng puer Beispiller gewisen hunn, gëtt et eng Partie där musikalesch, cinématographesch oder literaresch Wierker. An et wier schued, dës net kënnen ze benotzen aus deem eenzege Grund, datt den Auteur vun der Rechter net bekannt ass.

Duerch dëst Gesetz wäerten deemno verschidde Wierker méi einfach de Wee an eis Schoulbicher, eis Bibliothéiken an an eis Archive fannen. Dëst ass am Sënn vun engem méi liichten Accès zu eisem kulturelle Patrimoine.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der DP a soen dem Rapporteur, awer och a ganz besonnesch de Vertreder aus dem Wirtschaftsministerium Merci fir hir Aarbecht an hir pädagogesch Beméiungen, eis an der Kommissioun dës dach awer komplex Matière méi verständlech ze maachen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, no där blumeger Duerstellung vu mengem Virriedner, wou, mengen ech, elo jiddwerengem am Sall ganz kloer ginn ass, wat déi Œuvres orphelines dann elo duerstellen, wäert ech meng virbereete Ried dann elo léiwer net hei halen. Ech soen him dofir e grouse Merci.

Ech géif awer natierlech och dem Rapporteur, dem Claude Haagen, Merci soe fir säin detailléierte schrëftlechen a mündleche Rapport zu dësem Projet de loi an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun hei mat eran.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Anzia. Ech hunn elo direkt keng zousätzlech definitiv Wuertmeldungen. Ech hat eng mat engem Fragezeiche vum Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Neen, ech wollt...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. D'Fragezeichen ass also...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ech wollt just mäin Accord ginn zu deem Projet hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Tipp-top! Merci.

Ech hu keng weider Wuertmeldungen, dann huet d'Regierung direkt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Ech géif just wëllen dem Rapporteur Merci soe fir deen exzellente Rapport an ech géif der Kommissioun Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht an deem doten héich technesch Dossier. An ech géif dann och, wéi den Här Bauler dat richtig gesot huet, dem Här Kaufhold aus mengem Ministère Merci soen, well en et fäerdegbréngt, technesch héich komplex Dossieren op eng dach zimlech locker Aart a Weis ze erklären, soudass jiddwereen et och verstoe kann.

Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister Etienne Schneider. A mer géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6783 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. 59 Participatiounen um Vott, 59-mol Jo. Domat ass de Projet 6783 unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6783 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Ech soen lech Merci.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6456 iwwert den Assurancësektor. Berichtstatterin ass d'Madamm Joëlle Elvinger a si ass scho prett.

6. 6456 - Projet de loi sur le secteur des assurances

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech hat an de leschte Méint mat dem Projet de loi 6454A a 6454B schonn zweemol d'Geleeënheet, op dëser Plaz zum Thema Assurancen ze schwätzen. An ëmmer erëm hu mer op déi grouss Changementer an dësem Sektor higewisen.

Abee, haut ass et esou wäit an d'Direktiv 2009/138/CE, also déi faméis Directive Solvabilité II kann elo an eist nationaalt Recht transposéiert ginn, soudass déi nei Dispositioun vu Solvency II ab dem 1. Januar 2016 kënnen a Kraaft treden.

Här President, de Projet de loi ass de 25. Juli 2012 vum deemolege Finanzminister depnéiert ginn. Den Institut des Réviseurs d'Entreprises souwéi och d'Chambre de Commerce hunn zu dësem Text Stellung geholl. An de Statsrot huet säin éischten Avis de 27. November 2012 ugeholl.

Den 11. März vun dësem Joer huet d'Regierung duun 175 Amendementer guttgeheesch. Hei goug et drëms, deene verschiddenen Avisen an ënner anerem dem Avis vum Statsrot vum 27. November 2012 Rechnung ze droen. An et ass awer och vun dëser Geleeënheet profitéiert ginn, fir nach zwou weider Direktiven an eist nationaalt Recht ze transposéieren, nämlech d'Direktiv 2014/52/CE, genannt Direktiv Omnibus II, déi verschidden Dispositiounen vu Solvency II schonn nees ëmgeännert huet an och transitoire Dispositiounen virgesinn huet fir d'Assurancen- an d'Reassurancësgesellschaften, fir deenen eng progressiv Adaptation vum neie Regime vu Solvency II ze erlaben, an dann och nach op där anerer Säit d'Direktiv 2011/89/CE, déi d'Surveillance vun der Finanzkonglomerater bei den Assurancen an der Reassurancësgesellschaft betrëfft.

Doropshin huet de Statsrot du säin zweeten Avis den 10. Juli adoptéiert. Den 29. September dëst Joer huet duun d'Finanz- a Budgetskommissioun vun der Chamber weider Amendementer ugeholl, ier den 20. Oktober duun de leschten Avis vum Statsrot adoptéiert gouf. De schrëftleche Rapport ass den 11. November dëst Joer an der Cofibu gestëmmt ginn.

Dat Gesetz, dat mir hei stëmmen wäerten, wäert dann d'Gesetz vum 6. Dezember 1991 iwwert den Assurancësektor ersetzen. Dëst ass e ganz wichtige Moment fir eise Lëtzebuerger



Assurancésektor, well hie kritt heimat e ganz neit Gesetz, eng eenzeg a kohärent Kodifikatioun vun allen Texten, déi d'Assurancen- a Réassurancenaktivitéiten regelen.

D'Direktiv Solvency II imposéiert den Assurancëgesellschaften nei Obligatiounen an dës mussen elo eng vill méi breet an detailléiert Visioun vun alle Risiken hunn, deene si kënnen ausgesat ginn. Et ass eng Modernisatioun vun de Berechnungen vun de Fuerderungen betreffend d'Eegekapital vun den Assurancen- a Réassurancëgesellschaften, déi dem Gesamtrisiko vun dësen Aktivitéiten Rechnung droen.

Mä em wat geet et bei dësem Gesetz genau? No der Finanzkris vum 2008, an déi ganz vill Banken involvéiert waren, sinn op europäeschem Niveau lwwerleunge gemaach ginn, wéi een de Bankesystem als Ganz méi stabil maache kéint an och mir hunn do eis Gesetzeslag ugepasst.

Vu dass d'Assurancëgesellschaften iwwert d'Joeren och ëmmer méi wichteg Akteuren an der Finanzwelt gi sinn, ass och dru geduecht ginn, wéi een dës méi zolidd opstelle kéint. Bis elo war et nämlech esou, dass déi grouss Linne vun der Assurancëreglementatioun, wat zum Beispill hir Kapitalreserven an d'Kontrollen ueget, gréisstendeels aus de 70er Jore stame vun zwou Direktiven. Eis Kontrollsystemer waren duerch d'Mondialisatioun vum Finanzsektor op eemol dépasséiert.

Här President, ech brauch heibanne wuel kengem méi ze erklären, wéi een Assuranevertrag funktionnéiert. Fakt ass, dass eng Assurancëgesellschaft ëmmer derfir suerge muss, dass se nach genuch Reserven huet, fir fir méiglech Schied vun hiren Assurée opzekommen. Et gëtt hei Regeln, wéi dës Risiken iwwert d'Kapitalreserven ofgedeckt gi mussen. Tëscht deem Moment, wou eng Assurancëgesellschaft Primme bezuelt kritt, an deem Moment, wou si fir de Schued muss opkommen, muss si dës Sue verwalten. An och hei hält si erëm verschidde Risiken op sech, wéi zum Beispill d'Ongevëssheet, wéi sech d'Finanzprodukten, déi si kauft huet oder an déi si investéiert huet, um Marché entwéckelen. Oder och nach de Risiko, dass se hir Suen net dann aus dem Marché erausgezu kritt, wa se se brauch an esou d'Gesellschaft d'Produite vläicht mat enger Perte muss verkaufen.

D'Assurancëgesellschaften sinn also heimat engem komplexe Risiko vun der Finanzwelt ausgesat. Well dës Entrepreneuren awer laangfristeg hire Modell oprechterhale wëllen an zu all Moment fir d'Schied vun hire Clienten mussen opkommen, egal wéi hir Finanzgeschäfte lafen an hir Investissementer lafen, féiert Solvency II nei Regeln an, wat d'Kapitalreserv betrëfft.

Solvency, dat ass den engleschen Term, deen d'Capacitéit vun enger Gesellschaft beschreift, op Dauer hire finanziellen Obligatiounen gerecht ze ginn. Genau esou wéi et eis drëms gaangen ass, d'Banken méi stabil ze maachen, geet et hei drëms, den Assurancësektor méi stabil ze maachen. Dat, well et eis wichteg ass, dass d'Leit, déi Assurancen huelen, an där sinn et der jo ganz vill, oder bal jiddwereen, och dermat rechnen kënnen, dass hir Schied bezuelt ginn, dann, wa se och ufale sollten.

Här President, dës nei Regele si fundamental anescht wéi déi vum aktuelle Regime, deen och alt nach als Solvency I bezeichent gëtt. Dës fundamental Reform vum Assurancësektor baséiert op dräi Pilieren. Den éischte Piler vun dësem Gesetz betrëfft d'quantitativ Fuerderungen an de Berechnungen vun den technesche Provisiounen, Fuerderungen um Niveau vum Gesellschaftskapital an de Fonds propres vun den Assurancen- a Réassurancëgesellschaften.

Bis elo hate mer Eegekapitalfuerderungen, déi äänlech ware fir Gesellschaften, déi sech geglich hunn. Dat heescht, si ware berechent op Basis vu Primmen, vu Sinistren a vun technesche Provisiounen, no ganz komplizéierte Rechnungen, déi d'Actuaire maachen a wou ech elo net an d'Detailer ginn, well soss si mer gläich an engem Aktuariatours. Et war e relativ einfache System, mä deen och zimlech onfair war, well en net déi spezifesch Ëmstänn vun der Firma u sech mat a Betruecht gezunn huet, besonnesch dann, wann ee bedenkt, wéi ënnerschiedlech d'Profiler vun verschiddene Gesellschaften an dësem Sektor sinn!

A genau dat wäert sech elo änneren. All Assurancëgesellschaft muss elo ganz genau op där enger Säit opweisen, wou se wéi eng Sue vun de Clienten erakritt, also och wéi ee Risiko se doduerch fir eventuell Schied op sech hält. Op där anerer Säit muss se awer och weisen, wat se mat hire Sue gemaach huet a wou déi inves-

tiéiert ginn. En général sinn déi nei Regeln op dësem Gebitt och méi streng wéi bis elo, dat, well se méi e breede Spektrum u Risiko mat a Betruecht zéien.

Här President, dat alles héiert sech ganz komplizéiert un, an dat ass et och, net nëmme fir eis heibannen, mä och nach fir déi vill betreffen Assurancen- a Réassurancëgesellschaften! Well si hu sech hei an de leschte Méint ëmstelle misen a si musse selwer en interne System uschaffen oder ausrechnen, deen esou eng detailléiert Risikoanalys erlaabt.

Zousätzlech zum éischten Piler, deen ech elo grad erkläert hunn, kommen nämlech och nach zwee aner Pilieren derbäi. Den zweete Piler betrëfft déi qualitativ Fuerderungen, wat de Suivi vu Risiken ueget duerch en adequate System vu Gouvernance a Risikomanagement. Et ginn hei EU-wäit harmoniséiert Standarde festgeluecht, wéi een den Aktiv an de Passiv valoriséiere muss. Et geet hei also och drëms, regulatoresch Differenzen tëscht de Länner aus der Welt ze schafen, soudass eng fair Konkurrenz spille kann.

Wann ech vu Valorisation schwätzen, da gëtt et hei e Changement. An zwar gëllt hei ab 2016 de Prinzip, dass d'Valeur de marché als Basis geholl gi muss an net déi Valeur, déi vläicht historesch amortéiert gouf oder am Bilan figuréiert. Am Detail bedeit et och, dass dës Gesellschaften nei mathematesch Modeller entwéckele mussen, mat deene se déi verschidde Risiko berechnen kënnen. Doduerch wäert de Bilan vun der Assurancen- oder Réassurancëgesellschaft awer och méi realistesch sinn, dat, well en déi aktuell Konditiounen vum Marché reflektéiert. Ech ginn hei net weider an den Detail, well soss géife mer hei ze vill an d'Technik an an d'Komplikatiounen kommen.

Den zweeten Piler hält dann awer och fest, wéi sech eng Assurancëgesellschaft intern opstelle muss, fir hir Risiken net nëmme quantitativ ze berechnen, mä och qualitativ ofzeschwätzen. Dëst geschitt iwwer eng drëtt Partei, déi am Fall vun Onregelméissegkeeten och intervenéiere kann. Dës Agente mussen d'Entreprises also extrem gutt kennen, wat och e groussen Effort vun där Säit voraussetzt.

Den drëtten Piler setzt Fuerderungen iwwert d'Informatiounen, déi un de Public an un d'Kontrollautoritéiten goe mussen. Mir schwätzen hei vun deem sougenannten „Reporting“, wou et drëms geet, dass d'Firma eng ganz Rei Donnéeën offleet, dass souwuel fir d'Investiseure wéi och fir d'Ratingagencen.

D'Logik ass, dass d'Transparenz iwwert de Bilan vun der Firma zu engem méi performante Marché féiert, dat, well all finanziellen Akteur, dee mat der Firma a Kontakt steet, schnell erausfanne kann, wéi et em hir Gesondheet, sprécht hir Solvency steet. Mä och dëst heescht erëm, dass weider Efforte vun de Versécherungsgesellschaften erwaart ginn!

Och d'Roll vum Commissariat aux Assurances ännert sech mat Solvency II. De Commissariat muss an Zukunft de Fonctionnement vun all einzel Assurancëgesellschaft vill méi genee ënner d'Lupp huelen an analyséieren, wéi enge Risiken dës exakt ausgesat ass.

Här President, mir wëssen, dass d'Entreprise vum Assurancësektor eng zentral Plaz an eiser Economie spillen. 71 Assurancëgesellschaften an 12 Gesellschaften fir d'Reassurance loosse sech weisen. Mir wëssen och, dass 2015 keen einfacht Joer fir si war, dat wéinst engem nidrege Leetzens an de kommende Changementen. Solvency II ass keen einfachen Dossier, mä et sinn Adaptatiounen, déi néideg sinn! An ech sinn zouversichtlech, dass eis Entreprise sech schnell upasse wäerten an dës nei Ära als Chance gesinn, fir sech nach besser um internationale Marché ze positionéieren.

Ech wëll awer och hei ganz speziell dem Finanzminister, de Leit aus dem Finanzministère, dat heescht der Madamm Goubin an dem Här Thurmes, awer och de Responsable vum Commissariat aux Assurances villmoos Merci soe fir déi exzellent Zesummenarbeit mam Parlament, déi et erméiglecht huet, dass dëst Gesetz nach haut ka gestëmmt ginn a fir den 1. Januar 2016 kann a Kraaft treden.

Ech ginn dann och den Accord vun der liberaler Fraktioun an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Michel Wolter.

Discussion générale

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Versécherungsektor huet eng Schlësselroll an der internationaler, europäescher an ech mengen, ouni lwwerdréiwung kënnen ze soen, och nationaler Wirtschaft. De Projet, dee mer haut stëmmen,

ass fir Lëtzebuerg den Ofschluss vun engem jorelaangen europäesche Prozess, fir den europäesche Versécherungssektor ze moderniséieren.

Et ass net esou, dass eréischt no der Kris vum 2008/2009, mä laang virdru schon, d'Beurteilungen an d'Bestriewungen ugaange sinn, fir de Versécherungssektor international op nei Féiss ze setzen.

D'Direktiv selwer datéiert vun 2009. Se war 2009 net onëmstridden, se war et och an deene Joren duerno net. Et ass vill diskutéiert ginn, vill ass verhandelt ginn. An d'Ëmsetzung vun der Direktiv ass dann och permanent no hanner verluecht ginn, bis se dann elo schlussendlech schon, zumindest zu groussen Dealer, op den 1. Januar 2016 festgeluecht ginn ass.

Am Wesentleche geet et bei dëser Reform ëm folgend Aspekter:

éischstens, déi verschidden Assurancëgesellschaften derzou ze bréngen, hire Risiko besser ze kennen an ze gërieren duerch d'Eranhuelen an der Bewäertung vun hirem Kreditwierdegkeet, hirem Solvabilitéit vu qualitativen Elementer wéi d'Féiere vun der Gesellschaft, der sougenannter Gouvernance, d'Verbreederung vum interne Contrôle oder de Risikomanagement;

zweetens, den nationalen an europäeschen lwwerwachungsinstanzen déi néideg Moyenen ze ginn, fir dës Kreditwierdegkeet vun de Betreiber kënnen och besser ze verstoen, ofzeschätzen, ze individualiséieren a mat Zäiten agräifen ze kënnen;

an drëtts, eng harmoniséiert europäesch Ëmsetzung ze garantéieren an d'Konvergenz tëscht de Kontroll- a Solvabilitéitssystemer am Assurancësektor ze garantéieren.

Ech soen der Madamm Rapportrice Merci, déi alles am Detail an hirem schrëftlechen a mündleche Rapport explizéiert huet, soudatt ech kann dorobber verzichten, de Projet nach eng Kéier ze paraphraséieren, mä mech op eng Rei vu méi fundamentale Remarquen an och Kriticken par rapport zu deem, wat gestëmmt gëtt, ka reduzéieren.

Déi eng soen, d'Solvabilité II - d'Solvency II - wier eng regelrecht Revolutioun am Assurancësektor. Anerer soen, et wär e kloer Schnëtt. Et ass zumindest dat. An dat ass och dee groussen Ennerscheid tëscht Solvency II a Basel III, deen eigentlech eng zousätzlech Etapp an engem Prozess war, dee laang entaméiert war, fir de Bankesektor nei opstellen, während et sech bei Solvency II wierklech ëm eng komplett Neiausrichtung vun der Aart a Weis, wéi d'Gouvernance vun den Assurancëgesellschaften an Zukunft ze maachen ass, handelt.

Et baséiert sech déi jëtzege Struktur vum System eigentlech op dräi verschidde Prinzipien.

Et ass, éischstens, de strikte Contrôle vum nationale Régulateur vun de Provisiounen am Passiv vum Bilan en contrepartie vun den Engagementer vun der Gesellschaft.

Dëst ass, Dir Dammen an Dir Hären, d'Basis vum System, wéi mer en haut kennen, souzoe säi Fundament. De Contrôle gëtt gemaach um Niveau vum Provisionnement, dee variabel, awer an der Regel substanzuell Koeffizienter beinhalt, déi jee no Land och nach verschidde sinn.

Zweetens, am Aktiv vum Bilan gëtt et dann eier large Limiten, wéi dës Provisiounen ugeluecht däreffe ginn. Verschidden Instrumenter sinn am Assurancësektor total ausgeschloss, anerer sinn a gewëssene Limite méiglech, ëmmer mam Zil, dass d'Aktiva, déi investéiert ginn, fir d'Provisiounen am Passiv vum Bilan opzehiewen, laangfristeg ugeluecht solle sinn.

D'Eegemëttel - drëtten Punkt - ginn op eng éischer forfaitaire Aart a Weis gerechent, net par rapport zu de Risiken, mä par rapport zu der Dimensioun vun der Aktivitéit. Dat heescht, d'Taille vum Bilan bei der Liewensversécherung an déi agedriwwen Primmen am Sektor vun der Non-vie. Dës Eegemëttel sinn dann éischer haut e Complément vun der Solvabilitéit, déi um Niveau vun engem konservativen a virsiichtege Provisionnement gemaach gëtt.

De System u sech ass einfach. En ass verständlech, an en huet och am Laf vun de Jorzénge seng Preuvë gemaach. Esou hunn déi europäesche Assurancen d'Finanzkris no 2008 wesentlech besser iwwerstane wéi d'Banken an och wesentlech besser iwwerstane wéi verschiddeener vun hiren amerikanesche Konkurrenten. An et huet, contrairement zu de Banken, keng Rekapitaliséierungsmossnamen an och keng Statshëllef gebraucht, fir d'Finanzkris vum 2008 an duerno ze meeschteren.

An awer huet de System, objektiv gesinn, eng Rei vu Schwächen: éischstens, d'Berechnung vun de Provisiounen ass jee no de Länner zum Deel erhiefléch verschidde gewiescht; zweetens, et gi ganz weineg qualitativ Entsprechun-

gen tëscht den Aktiva an de Passiva vum Bilan; an drëtts, an där neier Welt vun de Finanzmarché sinn d'Risiken op der Aktivitéit oft ënnerschat oder vläicht och net reng genuch berechent gewiescht, well de ganze System opbaut aus enger Zäit, wou d'Finanzmarché aneschters fonctionnéiert hunn, wéi se haut fonctionnéieren.

An dat ass eigentlech déi grouss, déi fundamental Ännerung, déi Rupture, kann ee soen, déi duerch Solvency II elo stattfënn.

Well, éischstens, gëtt d'Valorisation vun den Aktiva a vun den Engagementer vun den Assurancëgesellschaften an Zukunft nom Präis vum Marché gemaach.

Zweetens, de Verloschtrisiko gëtt op en Horizont vun engem Joer gerechent, egal wéi d'Aktivitéit ausgesäit, a mat engem Garantie-Intervall vun 99,5%. Dat heescht, bei dësem System geet et drëm, de Risiko vun engem Totalschued um Horizont vun engem Joer op 0,5% ze limitéieren. Vu dass d'Risiko sech net matenee kënnen materialiséieren, gi verschidde Mechanismen a Koeffizienter agefouert, déi der Diversifikatioun vum Risiko Rechnung droen. De Mix dann zwësche Risiko an Diversifizierung bestëmmt an Zukunft de Besoin u Kapital.

D'Ufuerderung, drëtts, wat d'Informatioun ubelaangt, geet wesentlech an d'Luucht, an dat souwuel géigeniwwer dem Régulateur, géigeniwwer de Kapitalmäert a géigeniwwer de Clienten. Et ass dëst, objektiv gesinn, ee vun de Schwachpunkte vum Assurancësystem gewiescht, dee ganz oft éischer a gewëssenen Dealer an enger Nébulouse fonctionnéiert huet wéi wierklech an engem oppene Raum.

An hei leien dann och an eisen Aen déi wesentlech Verbesserungen vum System par rapport zu deem, dee mer haut kennen.

Éischstens, all d'Risiko mussen opgewisen a valoriséiert ginn, ouni Ausnam. Och déi verstoppten kënnen eben net méi verstoppt bleiwen, mä mussen gewise ginn.

Zweetens, all Gesellschaft muss sech intern Regele ginn, déi sougenannten ORSA, „Own Risk and Solvency Assessment“. Dës System erlaabt eng méi op déi eenzel Gesellschaft ausgerichte Modelliséierung par rapport zu enger, wéi mer se haut kennen, genereller Reglementatioun fir e ganze Sektor. Et bréngt mat sech, dass d'Führungsstrukture vum Betrib eng wesentlech besser Kenntnis vun den Aktivitéiten vun hirem Betrib mussen hunn, wéi dat haut de Fall war.

An drëtts hunn d'Gesellschaften ganz vill mussen schaffen. Et ass net eréischt an deene leschte Méint, mä op d'Bedreiwung vum Commissariat aux Assurances an deene leschten dräi bis véier Joer, wou d'Versécherungsgesellschaft sech hei zu Lëtzebuerg op dee Moment x virbereet hunn.

Zum Deel hu Betreiber hir komplett Informatiksystemer iwwert de Koup misse geheien, fir neier ze maachen. Ganz vill Betreiber hu sech intern Regele mussen ginn, déi se virdun an deem Mooss net kannt hunn. D'ganz Gouvernancepolitik vun de Gesellschaften muss kloer dokumentéiert an novollzéierbar sinn. An, ech mengen, dass de System och an Zukunft e bessere Benchmark vun enger Gesellschaft par rapport zu där anerer wäert erlaben.

Déi nei Architektur, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer net ganz kritikfäi. Ech hu mer der fënef notéiert, wouvun déi zwou éischt a mengen Aen déi wichtegst sinn, an och déi sinn, wou de Régulateur an och d'Politik an deenen nächste Jore mussen oppassen a souguer eventuell Korrektur virhuelen, wann et noutwendeg ass.

Dat éischt ass déi berühmte Referenz op d'Valorisation vum Marché. Et besteet a mengen Aen en duebele Risque. Dat Eent, dat ass, dass den Assurancësektor sech aus der Couverture vun de laangfristegen Risiken zrëckzitt. An dat anert, dat ass, dass en de laangfristige Finanzement net méi esou mécht an och net méi esou däreif maachen, no de Regeln, wéi se elo an Zukunft kommen, wéi en dat gemaach huet.

An dat huet en inhärente Risque fir de Fonctionnement vun den europäeschen Economien. D'Assurancëgesellschaften sinn ee vun deenen Akteuren, déi am verspreetsten derfir gesuergt hunn, dass de laangfristige Refinanzement vun der Economie garantéiert ginn ass.

Wann een e laangfristige Risiko huet an d'Méiglechekeet huet, fir sech laangfristeg dogéint eigentlech ofzesécheren, ass dat e System, dee sech dréit. Elo gëtt dee laangfristige Finanzéierungssystem ersat duerch een, deen op ee Joer eigentlech begrenzt ass. Dat bréngt also ganz kloer de Risiko mat, datt sech déi Betreiber eben aus dem laangfristigen Refinanzement da vun der Economie och wäerten zrëckzéien, e weideren Akteur ginn an engem Marché, dee scho ganz volatil ass, au détrimment vun och deenen Dealer vun den Aktivitéiten.



ten an der Ekonomie, déi ebe laangfristeg Partner och brauchen, fir kënnen den Développement vum hiren Aktivitéiten ze maachen.

A mengen Ae bis elo waren d'Assurancégesellschaften e ganz wichtige Facteur an der Stabiliséierung vun de Laangzäitinvestissementer vun der Wirtschaft. An et muss een dat, besonnesch och hei zu Lëtzebuerg, ganz gutt am A behalen, wéi sech do d'Entwécklung wäert maachen.

Och d'Assurancen, déi hunn, wéi ech gesot hunn, e laangfristeg Risiko ze decken. An d'Aktiva sinn esou bewäert ginn, dass och mat engem gewëssene Puffer, dee konnt geschäfe ginn opgrond vum System, d'Pérennitéit vun der Gesellschaft och garantéiert ginn ass par rapport zu der Volatilitéit vum Marché, engem Marché an Zukunft, dee ganz staark wäert an d'Baisse goen. Dee wäert dann och an Zukunft méi eng grouss Influenz op d'Kapitalverfügung an op d'Viabilitéit vun den Assurancégesellschaften hunn, wéi dat an der Vergaangenheet war.

Et ginn also positiv Akzenter, déi gesat ginn. Et si positiv Aspekter selbstverständlech an där Reform dran. Op där anerer Säit muss ee kucken, dass déi net opgewie ginn eben duerch de Fait, dass déi Adequatioun tëscht laangfristegem Risiko a kuerzfristegem Finanzement dovunner zuongonschte vun der Pérennitéit vun de Gesellschaften sech wäert ausspillen.

Zweetens, deem ORSA, deem ech genannt hunn, oder den „Risk appetite“ riskéieren, an dat gesäit ee ganz kloer, d'Muechtverhältnissen an de Gesellschaften ze veränneren. Dat mag gewollt sinn, vu Gewëssenen; et muss een awer oppassen, wéi wäit dass et geet.

Et kënnt sonner Zweifel duerch dës Reform zu enger Verschiebung vun der Muecht an de Gesellschaften, an zwar zum engen an d'Richtung vun de Kontrollorganer, déi wesentlech méi Pouvoir kréien an de Gesellschaften, an zum aneren a Richtung Verwaltungsrot, dem Verwaltungsrot, dee ganz vill Responsabilitéiten duerch dës Reform kritt, wann et eben ëm den „Risk appetite“ geet, dat heescht d'Fro, awéiwäit sech eng Gesellschaft an engem gewëssene Risque engagéiert kritt, wat an der Vergaangenheet an deem Mooss net de Fall war.

Et muss een also oppassen, dass de Pendel, deem eigentlech sollt verhënnert ginn, nämlech deem, dass eventuell onconsidéréiert Risiken, dat hu mer jo aus der Bankesituatioun eigentlech geléiert no 2008, dass dee Pendel eigentlech elo ëmschwéngt an eng Situatioun, dass mer an eng Betribstruktur geroden, wou kee méi e Risiko wëllt huelen, wou eigentlech alles wesentlech méi a vläicht zum Deel iwwerdriww konservativ gekuckt gëtt, fir net an eng Situatioun kënnen ze geroden, wou een zum enge par rapport zum Régulateur par rapport zum aneren awer och zum Marché an eng Situatioun ka kommen, wou een der Kritik ausgesat ass.

Et wäert also an deenen nächste Joren eng reell Konscht an deenen eenzelne Betriber ginn, fir de Poids des mesures ze maachen op där enger Säit eben tëschent dem Risiko, deem s de als Gesellschaft wëlls huelen, an deem eng direkt Influenz och op deng Kapitaliséierung vun dem Betrib huet, oder ob s de dat net méchs.

Een drëtte Punkt, dat ass a mengen Aen de Risque vun der Konzentratioun vun den Entrepreneuren. Leit, déi net am Secteur sinn, déi kënnen sech net virstellen, wat fir eng Surcharge administrative duerch Solvency II op de ganzen Assurancésektor kënnt. Et ass schonn zimlech gewaltig, wat par rapport zu de fréiere Gepflogenheeten haut eng Gesellschaft muss produzéieren, fir am Marché kënnen ze bleiwen. An et ass besonnesch do, wou a mengen Ae Kleng- a Mëttelbetriber riskéieren, aus dem Marché erausgedrückt ze ginn, well d'Margen, déi um Geschäft sinn, riskéieren, bis zu enger gewëssener Taille vun engem Betrib net méi duergoen, fir déi zousätzlech Käschten, déi den neie System mat sech bréngt, opzefänken.

Nu ginn et der, déi dat gutt fannen. Et muss ee sech jo d'Fro stellen, ëmmer och um Niveau vun der Unzuel vun den Entrepreneuren, wéi dass een dat gesäit. Et si Leit, déi éischter an eng Richtung ginn, datt se dat gutt fannen, datt eng Konzentratioun vun den Entrepreneuren ass. Beispill awer an deene leschte 15, 20 Joer an der europäescher Wirtschaft hu gewisen, dass eng exzessiv Konzentratioun a gewëssenen Domänen vun der Ekonomie net nécessairement zum Virdeel vun allen Akteuren an der Ekonomie sinn.

Eng véiert Kritik an och e Schwaachpunkt, deem awer europäesch net duerchgesetze war, ass, dass Solvency II nëmme fir d'EU gëllt. Et gëllt zum Beispill net fir d'Schwäiz, et gëllt zum Beispill net fir Amerika. A wann Der wësst, besonnesch am Secteur vun der Réassurance, a wéi engem Mooss den internationale Secteur

de la réassurance internationaliséiert ass, besteet ganz kloer do e Risiko, datt déi führend Playere an deem Domän wäerte kucken zweespueg, zweebeeneg, mat zwee Been, an Zukunft ze fieren; zum enge mat engem europäesche Been, zum aneren awer och mat engem net europäesche Been.

Et ass et ass eigentlech schued, mä et war net aneschtens dran, dass dat net op méi Länner ausgedeeent ginn ass, wéi et och schued ass, well et eigentlech net ze explizéieren ass, ausser datt et sech ëm e politesche Kompromëss gehandelt huet, datt d'Pensiounsfongen an deem ganze System hei net dra sinn, d'Pensiounsfongen, déi an enger Rei vun europäesche Länner eng ganz staark wirtschaftlech Roll spillen, zum Deel an den angelsächsesche Länner eng Roll spillen, déi méi wichteg nach ka si wéi déi vun den Assurancégesellschaften. Déi sinn an där heiter Direktiv ausgeklamert ginn, hunn awer exakt déiselwecht Risiken, hunn déiselwecht Froen ze beäntweren. Ech hoffen, datt an deenen nächste Joren déi nach kënnen an de System eragefouert ginn.

D'Konklusioun ass déi, datt an eisen Ae Lëtzebuerg gutt opgestallt ginn ass. Ech muss soen, dass d'CSSF an och d'ACA an deene leschte Joren a scho ganz fréizäiteg mat ganz vill Engagement a ganz vill Iwwerzeegung un d'Akteuren am Secteur erugetruede sinn, fir se dervun ze iwwerzeegen, sech fréizäiteg mat dëser Problematik ausenannerzusetzen. An am Regelfall hunn d'Gesellschaft virun dräi bis véier Joer ugefaangen, fir sech ze moderniséieren. Eleng dee ganzen Investissement, ech muss et nach eng kéier soen, um Niveau vun der Informatik géif souwiso dergéint schwätzen, dass een dat an deene leschten dräi bis véier Méint hätt kënne maachen. Et wär een nämlech net prett gewiescht.

E ganz grouse Bravo dem Contrôle des assurances fir déi Virgehensweis, déi en do gemaach huet. Ech mengen, Här Minister, dass et wesentlech dozou wäert bäidroen, dass eist Land an deem Domän den 1. Januar 2016 net brauch ze fäerten. Ech liese Rapporten aus anere Länner, wou se sech Surgen nach ëmmer maachen, ob d'Betriber prett sinn. An Däitschland zum Beispill hu se jo souger eng Reglementatioun gemaach, datt eng Rei vu Betriber Ausnameregulierung kréien, well se et net gepackt hätte bis den 1. Januar 2016, eben hire ganze System esou ëmzestelle vun där Laangzäitrisikodéngen eriwuer op dee Joressystem, soudatt se an Däitschland dat an e puer Etappe maachen.

Ech si fest dervun iwwerzeegt, mir si fest dervun iwwerzeegt als CSV, dass eis Assurancen hei zu Lëtzebuerg gutt opgestallt sinn. A mir stëmmen och de Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wolter. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, ech ka mech erënneren un en interessante Speech bei den ACA Insurance days 2013. Här Minister, dat war Ären éischten Optritt als Finanzminister vun der neier Regierung. Deemoos war nawell en interessanten Orateur bei der ACA, dat war den Här Karel Van Hulle. Dat war de fréiere Chef vum Departement fir d'Assurancen- an d'Pensiounssystemer bei der Europäescher Kommissioun. Et war souzesoen de Papp vu Solvency II.

An hie sot deemoos, dass et am europäeschen an och am weltwäiten Assurancésektor esou eng Aart Paradox gëtt. An dee Paradox géif doranner bestoen, dass den Assurancésektor, deem effektiv och säit der Kris nach d'Tendenz huet ze wuessen, e Secteur ass, deem engersäits immens komplex ass, mä zur gläicher Zäit u sech am Fong eng manner sophistiquéiert Reguléierung huet, wéi beispillsweis de Bankesektor, an och ëmmer hat, an dass dowéinst och ëmmer de Régulateur vum Assurancésektor am Fong éischter manner gutt équipéiert war an och e bësse manner sophistiquéiert war wéi d'Kolleegen am Bankesektor.

Et gëtt och keng weltwäit Reguléierung vum Assurancésektor. Den Här Wolter huet elo a senger ganz sachkundeger Ried och nach eng kéier dorun erënnert. Et gëtt näischt wéi d'Basel-Accorden an der Welt vun den Assurancen. Dat ass vläicht och ee vun de Grënn, firwat et esou laang gedauert huet, bis de Solvency II jo komplettéiert ginn ass vun Omnibus II, fir deen duerchzekréie säit sengem Dépôt 2007, mengen ech, wou deen éischte Projet presentéiert ginn ass.

Et gëtt also hei och weltwäit an och um europäesche Plang eng Diskrepanz, och dat ass gesot ginn, wat d'Spillfeld ugeet. Et gëtt keen „level playing field“ am Secteur vun den Assurancen. Wéi mer an der Cofibu iwwert dës

Projet geschwat hunn, huet den Direkter vum Commissariat aux Assurances, den Här Wirion, och nach eng kéier drun erënnert, dass zum Beispill d'Amerikaner ëmmer nach mat enger Reguléierung fonctionnéieren, déi emol nach net um Standard ass vu Solvency I, dat heescht mat vereelte Regelen.

Dat ass eng äänlech Situatioun wéi déi, déi mer och am Bankesektor kennen, dass et keen „level playing field“ gëtt, mat den amerikaneschen Entrepreneuren notament. Dat ass keng gutt Situatioun, mä ech mengen awer trotzdem, dass eis als Lëtzeburger an och als Europäer soll dru geleeë sinn, en zolitte Secteur ze hunn, dee strikt Standard befollegt, fir resilient Gesellschaften am Assurancésektor ze hunn.

Solvency II, also d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2009/138 komplettéiert duerch Omnibus II vun 2014 probéiert also, d'Léieren aus Solvency II (veuillez lire: Solvency I) hiren Défauten ze zéien. Enner Solvency I waren d'Risiko vum Assurancégeschäft engersäits net vollständig aschätzbar, wat natierlech eng Gefor fir d'Assuréeen duerstelt, wann eng Assurancégesellschaft géif rutschen.

Zweetens waren d'Chifferen net comparabel. Makroekonomesch Risiko waren net gutt mesurabel an de Secteur huet sech duerch e relative Manque un Innovatioun charakteriséiert, wat vläicht och dann op där anerer Säit zu senger relativer Soliditéit an der Finanzkris bäigedroen huet.

De Regimm Solvency II, dee mer haut ëmsetzen, soll dat änneren an eng nei Ära am Encadrement vun den Assurancenaktivitéiten alauden.

D'Rapportrice huet et scho gesot an ech ginn och net méi dorobber an: D'Architektur vu Solvency II baséiert op deenen dräi Pilieren: deem quantitativen, deem qualitativen an deem iwwert de Reporting an iwwert d'Transparenz.

Et gëtt och, an dat ass extrem wichteg fir Lëtzebuerg, e Principe de proportionalité am Solvency II. Deen ass dowéinst esou wichteg fir eis, well en eben insbesonnesch fir e Land mat klengen Assureuren et erméiglecht, eng Régulation, déi méi sur mesure ass, hei unzewenden. Et kann een d'Reguléierung also méi oder weëneger streng gestalten en fonction vun der Gréisst, der Komplexitéit vun de Risiken a vun der Aktivitéit vun den Assurancégesellschaften.

An dat ass, dat héiert een och am Gespréich mat de Leit aus dem Secteur, en extrem wichtig Uleies fir d'Entrepreneuren, um Niveau vun all de Pilieren an och um Niveau vum Pilier Reporting. An et ass also ze hoffen, dass déi Proportionalitéit bei eis voll zum Spille kënnt.

Eng aner Neierung, déi Solvency II mat sech bréngt, ass d'Prise en compte vun der Konsolidatioun. Et gëtt vill méi, wéi dat bis elo de Fall war, eng Kontroll um Niveau vum Grupp gemaach. Dat war bis elo, wéi gesot, an deem Mooss nach net de Fall. An et muss een dann hoffen an erwaarden, wéi dat jo och am Fall vum Bankesektor ass, dass d'Konsolidéierung eng besser, eng méi holistesche Approche vun der Reguléierung vun engem Assureur mat sech bréngt.

Här President, Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, d'LSAP begréisst dës wichteg a vill erwaarte Reform. Mir begrëssen dat, well se gutt ass fir d'Sécherheet an d'Resilienz vum Assurancésektor, dee jo en extrem wichtegt Standbeen vun eiser Finanzplaz ass. Et ass en décke Projet, deem eng komplett Refonte vum Gesetz vun 1991 iwwert den Assurancésektor virhält. Eiser Meinung no wäert dës Projet zu engem besser kapitaliséierten, besser reguléierten a méi transparenten Assurancésektor féieren.

Et ass gewosst, an dat ass och vu menge Virriedner scho gesot ginn, dass een, an dat gesäit ee souwuel an Artikelen an der spezialisierter Press, mä och a Gespréicher mat Leit aus dem Assurancésektor, dass d'Assureur gutt an och scho säit längerer Zäit preparéiert sinn op d'Aféierung vu Solvency II. Den „phasing in“ an den neie System ass scho säit e puer Joer amgaang.

De Commissariat aux Assurances huet allerdéngs drop higewisen, dass Solvency II eng gewësse Volatilitéit mat sech bréngt - de Spriecher vun der CSV ass och schonn dorobber agaangen -, an dass déi Volatilitéit dozou ka féieren, dass verschidde kleng Akteuren entweder verschwannen oder mat méi grouse Gesellschaften fusionéieren, dass also doduerch och eng gewësse Konsolidéierung am Secteur vun den Assurancé kënnt, wéi een dat jo och an der Bankewelt observéiere konnt mat deem méi groussen „regulatory burden“, dee bei de Banke jo scho länger Zäit amgaang ass opgebaut ze ginn.

Här President, mat Solvency II ass déi europäesch Reguléierungswell, déi op den Assu-

rancésektor duerkënnt, allerdéngs nach net ofgeschloss. Déi Well ass manner grouss wéi déi, déi mer an der Bankewelt kennen an och an der Regulatioun vun de Finanzmäert, mä se ass awer och net négligeabel. Mir wëssen, dass deemnächst d'Direktiv iwwert d'Distributioun vun Assurancéproduiten op de Secteur zoukënnt. Déi ass mengen Informatiounen no an der leschter Ligne droite um europäeschen Niveau.

An et ass och gewosst, an dat ass en anere Sujet, deem och mä Virriedner schonn abordéiert huet, dass d'Thema „Capital Markets Union“ en Thema ass, wat och den Assurancésektor wäert beschäftegen. Et ass effektiv esou, dass d'Assureuren effektiv e wichtige Rôle hunn als institutionell Investisseuren. An dat, wat beschloss gëtt, engersäits natierlech um Niveau vun der Berechnung vun de Risiken a vun der Adéquation des fonds propres, mä och um Niveau vun der „Capital Markets Union“, ass do net neutral.

Ech denken notament un d'Thema Titrisatioun, iwwert dat mer nach dës Woch an der Commission des Finances geschwat hunn. Do soll jo eng simplifiéiert Form vun Titrisatioun kommen. An do muss och séchergestallt ginn, dass déi dann um Niveau vun der Pondération bei den Assureuren manner staark ugerechnet gëtt.

All dat sinn Développement, déi een effektiv muss observéieren. An et muss ee kucken, wat fir eng Incidence Solvency II huet och op de Rôle vun den Assureuren am Finanzement vun der Économie réelle. An, ech mengen, en vue vun der Komplexitéit vun deem Thema gëtt dat eng empiresch Observatioun, wou een no enger Zäit da muss e Bilan zéien.

Ech géif, fir ofzeschlëssen, gären der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci soe fir hire gudde Rapport. Ech géif och gären de Leit vum Finanzministère Merci soen, déi dës komplexe Projet geschriwwen hunn, an natierlech och de Leit vum Commissariat aux Assurances fir déi gutt Diskussiounen an der Kommissioun.

An ech géif domat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här Präsident. Ech mengen, et ass scho vill gesot ginn. Ech géif am Numm vun der grénger Fraktioun der Madamm Elvinger Merci soe fir hire mëndlechen a schréfleche Rapport an den Accord vun der Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Loschetter. An dann huet den Här Roy Reding d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här Präsident. Och am Numm vun der ADR en häreleche Merci un d'Rapportrice. Ech mengen, dat ass scho méi wéi eng Fläissaarbecht. Dat war e fantastesche Rapport iwwer e komplex Thema.

Wéi ëmmer, wann et ëm gutt Texter geet fir eis Finanzplaz, wäert d'ADR dësen Text stëmmen. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Reding. Da si mer um Enn vun der Riednerlécht ukomm an dann huet d'Wuert direkt den Här Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt sinn ech ganz frou, dass ech ka selwer hei si beim Vott vun dësem wichtige Gesetz, well, wéi de President vum Parlament an och d'Fraktiounspräsidenten alleguete woussten, wéi mer den Datum festgesat hu vun dëser Diskussioun, war net kloer, ob ech selwer kéint hei sinn, well eng Incertitude bestanen huet, ob mer géifen d'lescht Woch op dem europäesche Budget e Kompromëss fannen.

A wann dat net de Fall gewiescht wier leschte Freideg zu spéider Stonn, dann hätt ech haut missen a vun e Méindeg un och nach zu Stroossbuerg sinn, fir dat ze maachen. Dat ass Gott sei Dank opgaangen. Dofir sinn ech och frou, dass ech haut kann derbäi sinn, well de Vott vun dësem Gesetz ass ganz wichteg, well et e groussen Impact op eis Wirtschaft huet a well et och e Gesetzestext ass, deem d'Assurancéwelt, wéi mer se bis elo kannt hunn, immens ännert.



Fir d'Éischt e grouse Merci un d'Joëlle Elvinger fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Dat hei war e ganz laangwierege Prozess, wéi dat richteg ervirgestrach ginn ass, wou also ganz villes geschitt ass iwwert d'Joren. An et ass och esou, dass d'Finanzkris vun 2008 och hei hir Tracen hannerlooss huet an erklärt, dass och nach komplementar Changementer iwwert d'Zäit komm sinn. Ech freeë mech, dass mer dat heiten an den Délaie kënnen stëmmen, fir dass et den 1. Januar vun 2016 kann a Kraaft trieden.

Ech hunn an de verschiddene Rapporten, déi gemaach gi si vun de Chambre-professionnelen, Chambre de Commerce an anerer, kënnen liesen, dass se frou sinn, dass mer hei „toute la directive“ an „rien que la directive“ ëmgesat hunn, am Intérêt, mengen ech, vum Land. An dat ass och eng gutt Saach esou.

D'Assurancen zu Lëtzebuerg an d'Assurancen an der Welt ware vu relativ ale Regulatiounen geregelt, déi zréck an d'70er Jore ginn, an zu Lëtzebuerg och an d'70er Joren, wat d'Direktiven ubelaangt, an an d'90er Joren, wat eist groust Gesetz iwwert d'Assurancen ubelaangt. An den Haaptuleies vun där aler Gesetzgebung war haaptsächlech ofzesécheren, dass d'Assurancen déi richteg Provisiounen geholl hunn, déi richteg Sinistren ofgedeckt hunn, mathematesch Provisiounen geholl hunn. Bref, géif ech soen, eng relativ limitéiert Approche.

Wat scho vill manner gekuckt ginn ass, dat ass, wéi d'Assurancen en fait fir de long Terme ofgesécher hunn doduerch, dass si Primme kréien, déi regelméisseg sinn, déi all Joers kommen, mä se natierlech mussen déi Suen, déi se asammelen, à long terme sécheren.

Wa mer elo kucken, wat déi zwee Haaptobjektiver vu Solvency II sinn, géif ech soen, ass et duebel: zum Éischten, fir natierlech de Preneur d'assurance ze schützen, an zweetens, fir systemesch Risiken ze verhënneren. An dat huet Konsequenzen, souwuel op d'Entreprise op där enger Säit wéi och op de Contrôleur, an eisem Fall de Commissariat aux Assurances.

Wa mer et elo vun den Entreprises aus kucken, géif ech soen, hu mer dräi gréisser Changementer an déi sinn och vun de verschiddenen Orateuren, vun der Madamm Elvinger, vum Här Wolter a vum Här Fayot, richteg ënnerstrach ginn.

Mir hu quantitativ Changementer doduerch, dass d'Provisiounen, déi technesch Provisiounen an der Fuerderung op de Capitaux méi streng ginn. Dat géif ech nennen déi quantitativ Changementer.

Dann hu mer awer och qualitativer, well d'Entreprises eenzel ganz vill Mesurë mussen huelen an och hir Gouvernance mussen verbesseren, vill méi Audite mussen maachen, fir sécherzestellen, dass se gesond sinn. Dat huet net nëmme mat verschiddene Kritären ze di vu Capitaux oder esou, mä och, wéi se sech selwer ënnerlech, inhouse organiséieren.

An deen drëtten Punkt ass d'Disponibilitéit vun den Informatiounen an der Entreprise a bausen. Bausen natierlech fir de Preneur d'assurance, mä natierlech och fir d'Observateur fir d'Marchéen, fir d'Contrôleuren. An doduerch kréie mer vill méi Transparenz bei den Assurancen, fir méi Sécherheet op de Mäert ze hunn.

Wat ännert dat fir de Contrôleur, an eisem Fall de Commissariat aux Assurances?

Ech géif soen, och dräi Saachen. Fir d'Éischt, dass de Commissariat aux Assurances zu Lëtzebuerg muss d'Entreprises am Eenzelne besser kenneléieren. Se mussen wierklech an den Detail

vun all eenzel Firma kucke goen. An do hu mer grousser a mëttlerer a verschiddener mat Spezifitéiten. Dat mécht et net méi einfach, mä dat mécht natierlech d'Kontroll méi effikass.

Dat Zweet, géif ech soen, dat ass, dass de Contrôleur, de Commissariat aux Assurances an eisem Fall, eng gewësse Marge de manœuvre huet, wéi en all déi Mesuren ëmsetzt. An zu Recht huet den Deputéierte Ben Fayot ënnerstrach, dass och déi Sache mussen mat enger gewëssener Proportionalitéit gemaach ginn.

(Interruptions diverses)

Franz Fayot, richteg, Franz Fayot! Ech wollt kucken, ob Der gutt nogelasschert hutt.

(Interruptions et hilarité)

Ah, wonnerbar! Franz Fayot. Jo, dat sinn déi Association-d'idéien. Voilà!

Also déi Proportionalitéit richteg ervirsträchen.

An dann drëtten och fir de Commissariat aux Assurances zu Lëtzebuerg de systemesche Risque anzuschätzen an den Impakt vun den Assurancëgesellschaften alleguerten op de Marchéen. Dat si vill Changementer beieenen.

Wéi richteg ënnerstrach ginn ass, hu mer eis scho säit Joren dorop virbereet. Dat ass eng gutt Saach.

Vläicht e Wuert zum Assurancësektor zu Lëtzebuerg.

Dat ass och vu verschiddenen Orateuren ënnerstrach ginn: Den Assurancësektor ass ee vun de wichtege Piliere vun eiser Finanzplaz. Ech ginn net midd, dat ze widerhuelen, och wann ech Promotiounen am Ausland maachen. Mä et ass och ganz wichteg, dass mer eis hei zu Lëtzebuerg däreis bewosst sinn.

Mir si relativ staark zu Lëtzebuerg an der Assurance vie, well mer déi iwwert d'Grenzen ewech a ganz Europa op Basis vun der libre Prestation de services vermaarten. Mir sinn do e ganz groussen Akteur.

Wann ech d'Primme kucken, déi mer 2014 erakuten, dann ass dat e Rekordjoer gewiescht. Wann ech d'Profitter kucke vun 2014, da war dat och ganz no bei engem vun de beschte Joren, wat e gutt Zeechen ass. Mä d'Reform, déi mer elo hei stëmmen, ass jo och nach net a Kraaft. Mä et ass jo net esou, wéi wann d'Entreprises, déi mer hei hunn, sech net géifen dorop virbereeden.

Ech géif gären op e puer Punkte kuerz agoen, déi de Michel Wolter évoquéiert huet, zréckkommen, well se mer wichteg schéngen.

Dee ganzen Défi court terme, long terme fir d'Assurancen ass natierlech fundamental. A wann een op där enger Säit nëmmen hiert Resultat op ee Joer kuckt, wëssend, dass d'Assurancen Engagementer huelen op 20, 30, 40 Joer, da muss justement am qualitative Contrôle, dee gemaach gëtt vum Commissariat, dat ganz gutt gekuckt ginn.

Et ass richteg, op eng gewëssen Aart a Weis, dass den Assurancësektor gutt resistéiert huet a manner Problemer an der Finanzkris hat wéi de Bankesektor. Et gëtt awer eng grouss Ausnam, dat ass AIG an Amerika. Déi hu ganz grouss Problemer gehat. An et ass och esou, dass virun der Finanzkris, an dat hu mir och souguer zu Lëtzebuerg e bësse matkritt, eng Tendenz war, dass d'Banken an d'Assurancen no dobäi waren, vill ze fusionéieren. An no der Finanzkris ass dat erëm komplett ausser Moud gewiescht, well gutt verstane ginn ass, dass d'Business-Modeller vun deenen engen a vun deenen anere ganz anescht sinn, wat en fait och dorop schlësse léisst, wéi dat richteg ënnerstrach ginn ass, dass den Appetit fir de

Risque ganz anescht an enger Bank ass wéi an enger Assurance.

Déi Remarque, déi och vum Franz Fayot gemaach ginn ass a souwuel vum Michel Wolter iwwert den Défi fir d'PMEen an deem Domän, dat ass eng richteg. Ech mengen, mir kënnen dat net zu Lëtzebuerg léisen, mä natierlech mussen sech d'PMEen esou opstellen zu Lëtzebuerg, dass se kënnen kompetitiv bleiwen.

E leschte Punkt: Solvency II riicht sech nëmmen un Europa. Dat ass en Défi, dee mer a ganz ville Saache begéinen. Wa mer elo zum Beispill d'Transparenz fiscale kucken, BEPS, déi nei Struktur fir d'international Besteuerung weltwäit, dat ass gemënt fir d'ganz Welt, an Europa ass e Virreider.

Solvency II ass nëmme fir eis selwer de ganzen Areal, géif ech soen, vun internationale Regeln. Mir mussen fir Lëtzebuerg suergen, dass mer do en „level playing field“ kréien, mä mir kënnen dat natierlech net eleng bewerkstelligen. Wann ech d'Regele vu Basel III gesinn, déi si mir amgaangen an Europa ëmzesetzen. An Amerika hu se Basel II nach net ëmgesat. Dat ass also eng richteg Erausforderung.

Als Konklusioun: Ech mengen, dass Lëtzebuerg gutt opgestallt ass, fir weider attraktiv ze sinn am Assurancësektor grenziwwerschreidend. Ech si frou, dass d'Entreprises amgaange sinn, sech virbereeden, an net op de leschte Stëpel gewaart hunn, fir sech ze preparéieren, haaptsächlech wat d'Informatik ubelaangt an d'Gouvernance interne.

An dat bréngt mech dann dozou, dem Commissariat aux Assurances Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass, fir Solvency II ëmzesetzen, wou de Commissariat natierlech ganz enk mam Ministère des Finances zesummegeesch huet.

Mä vläicht och e kleng Réckbléck op d'Gesetz vun 1991, wou, mengen ech, den Auteur vun deemools haut op der Tribün ass, de Vic Rod, deen ech begrëssen. Et kann ee vläicht soen, dass de Vic de Papp ass vun der Assurancen- a Réassurancëwelt zu Lëtzebuerg.

Ech si frou, Vic, dass De haut bei eis bass, wou mer dat heite stëmmen. Et ass eng flott Geleeënheet, fir Dir Merci ze soen an all deenen, déi Dir gehollef hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ass ganz onorthodox, wat Dir haut maacht.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Mä bon, dat ass egal. Et ass onorthodox.

(Hilarité)

Mä dat, wat den Här Rod gemaach huet iwwert déi Joren, war och onorthodox. An dofir hu mir haut e gudden Assurancësektor, deen eiser Finanzplaz vill hëlleft.

(Brouhaha)

Ech géif gär dem Vic Rod Merci soen, awer och dem Commissariat aux Assurances, sengem Nofolger, deen dat och wonnerbar mécht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Hilarité)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Den Här Rod kann och vläicht äntwerten, Här President.

(Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, an ech begrëssen dann och vläicht meng Famill, déi eis nokuckt.

(Hilarité générale et interruptions)

Merci dem Här Finanzminister.

Et ass eng relativ laang Sëtzung, soudass et och heiansdo flott ass, wann et e bësse méi labber gëtt. Dat gesot, mengen ech, zweifele mer net un der Wichtigkeet vun deem Projet a mer géifen dann och elo direkt iwwert dee Projet ofstëmmen, fir dass en nach matzäit a Kraaft kann trieden.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6456 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Votten. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6456 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)


Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet 6826, eng Rei vu Konventionen am Beräich vun den Duebelbesteierungen. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Joëlle Elvinger.

7. 6826 - Projet de loi portant

1) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Principauté d'Andorre tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 2 juin 2014;

2) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Croatie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et



d'Chamber online op www.chd.lu